



**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson an dem Minister fir bannenzeg Sécherheet Henri Kox op d'parlamentaresch Fro n° 7808 vum 21. März 2023 vum Här Deputéierten André Bauler**

1. Virop sief ze präziséieren, datt de Gebrauch vu Metalldetekteren duerch Privatpersounen, sou wéi en am Artikel 12 vum neien Denkmalschutzgesetz vum 25. Februar 2022 virgesinn ass, net als Zil huet d'Juegd op archäologesch Artefakten a Schätz an der Fräizäit ze legaliséieren. Dës Metalldetekterprospektiounen sinn e Bestanddeel vun der wëssenschaftlecher Fuerschung a verlaangen eng wëssenschaftlech Virgoensweis. Se sinn e Bestanddeel vun der globaler archeologescher Fuerschung an droe besonnesch dozou bäi, den Inventaire vum archeologesche Patrimoine a senger Kartografie opzustellen.

Virum Akraafttriede vum neien Denkmalschutzgesetz goufen d'Autorisatiounen fir Amateuren (Privatleit), déi mam Metalldetekter no ale Saachen am Buedem sichen, op Basis vum Ausgruewungsgesetz vum 21. März 1966 ausgestallt.

An de leschten 10 Joer goufen esou 266 Autorisatiounen fir Prospektiounen mat engem Metalldetekter ausgestallt.
2. Déi genee Unzuel un Objeten déi iwwert déi lescht 10 Joer gemellt oder agereecht goufen ass schwéier ze definéieren. All Prospekter mat engem autoriséierte Metalldetekter iwwerreicht dem Institut national de recherches archéologiques (INRA) all Joers en detailléierten Inventaire vun den archeologeschen Decouverten déi gemaach gi sinn.

Esou konnten iwwert déi leschten 10 Joer schätzungsweis Dausende vu Géigestänn repertoriéiert ginn. Méi wichteg wéi den Objet selwer ass awer den archeologesche Kontext aus deem d'Stécker stamen : eng banal Mënz, eng verbéite Fibel, e korrodéierte Metalbeschlag kënnen en Hiweis op eng nei Fonntplaz sinn oder nei Informatiounen iwwert eng bekannte Fonntplaz liwweren, ewéi d'Besidlungsdauer, d'Ausdeenung an hir Funktioun.

Donieft sief ze präziséieren, datt et onméiglech ass d'Unzuel vun den archeologeschen Objeten ze quantifizéieren, déi op eng illegal Manéier ausgeraibert goufen. Zu Lëtzebuerg setze mir dowéinst ob den Encadrement an op d'Autorisatioun vun der Amateurprospektioun mat engem Metalldetekter, mam Objektiv, datt déi autoriséiert Chercheuren hirersäits déi net konform Persounen op de legale Kader sensibiliséieren.
3. Et ass net evident fir eng Persoun, déi illegal Prospektiounen mécht, in flagranti z'erwëschen, an esou eng Gerichtsprozedur anzeleeden déi bis zum Enn geféiert ka ginn. An de leschten 10 Joer hunn déi staatlech Archeologen eng Rei Plaintë géint net autoriséiert Detekterbenotzer agereecht. An engem Fall ass et zu enger Amende géint eng Privatpersoun komm.

Et sief drop higewisen, datt d'Agente vun der Naturverwaltung dem INRA all suspekt Verhalen an de Bëschgebiddern mellen.
4. De Besëtz vun archäologeschen Objeten, déi entweder bei Recherchen oder reng zoufällleg fonnt ginn, gëtt duerch den Artikel 15 vum neien Denkmalschutzgesetz geregelt.

D'Proprietäitsverhältnissen vu Géigestänn déi fonnt gi sinn, baséieren weiderhin op den Artikelen 552 an 716 vum Code Civil.

Dorauser ergëtt sech, datt en Objet a priori dem Besëtzer vum Terrain gehéiert op deem e fonnt gouf, et sief dann eng drëtt Persoun hätt den Objet fonnt. An deem Fall gehéiert den Objet zur halschent dem Terrainsbesëtzer, an zur halschent dem autoriséierte Sichert deen e fonnt huet. D'Denkmalchutzgesetz gesäit fir, datt esou en Objet bis zu 5 Joer laang dem INRA fir d'Inventorisatioun a wëssenschaftlech Studien uvertraut ka ginn. Wann den Objet un de Proprietär zrëck gi gëtt, kann den INRA gewësse Virschrëften operleeën, wat déi konservatoresch Mesuren ugeet, souwéi och d'Konditiounen vum engem Proprietéitswiessel, fir esou den Erhalt an den Accès zum Objet à long terme ze garantéieren.

5. An dësem spezielle Beräich féiert d'Police keng reegelméisseg Kontrollen duerch.

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2023.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson